adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 1. Februar 2021

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

"Polizei rät Frauen, nachts nicht alleine hinaus zu gehen." Dëst ass en Titel vun engem Artikel aus dem «L'essentiel» vum 30.Januar 2021.
Am Artikel heescht et da weider, datt d'Police de Leit réit, "das Haus nachts nicht alleine zu verlassen", "laut bei Übergriffen zu rufen" an "Provokationen zu ignorieren."
Wann d'Police de Frae réit, nuets d'Haus net méi eleng ze verloossen, muss d'Situatioun jo awer ganz dramatesch sinn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Kann de Minister eis soen, zënter wéini d'Police de Frae réit, nuets net méi eleng aus dem Haus ze goen?
2. Opgrond vu wat fir Virfäll gouf de Frae geroden, nuets net méi eleng aus dem Haus ze goen?
3. Gëllt dëse Rotschlag am ganze Land oder just a vereenzelten Uertschaften a Quartieren?
4. D'Police mécht reegelméisseg Leit, a besonnesch Fraen, déi sech beschwéieren, drop opmierksam, datt si sech nuets net, oder net eleng, an de Stroossen ophalen sollen (z.B. Stroossbuerger Strooss, Joseph-Junck-Strooss, Stater Park, asw.) Kann de Policeminister eis soen, wéi eng Uertschaften, Quartieren oder Stroossen am Land een aus Sécherheetsgrënn nuets meide sollt?
5. Kann de Policeminister eis soen, aus wat fir Grënn d'Awunner nuets dës Plaze meide sollten an och firwat dëst besonnesch Frae betrëfft?
6. Wéi schätzt de Minister den Ament déi aktuell Situatioun am Hibléck op d'Strofdoten, déi virun allem nuets op Fraen ausgeüübt ginn, an?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten